

# DORNRÖSCHEN

A6-04

1

D O R N R Ö S C H E N

E Märchen vun de Gebrüder Grimm

Musek + Rido

alles un + Spoten

Erzieler: Et wor eemol ee Kinnek an eng Kinnigin. Sie hun glecklech an zefridden mateneen geliewt. Nëmmen eng Suerg haaten sie: Sie hun sech ee Kand gewenscht, awer sie konnten keng Kanner kréien.

Musek

Spoten dimmer hallef rof; tuben Plafong aus

Erzieler: Enges Daachs ass d'Kinnigin am Schlasspark spazéiere gaang. Op eemol, wéi sie beim Schlassweier soutz, ass ee Fräsch aus dem Weier gekroch komm a soot:

Fräsch: Quaak, quaak, Kinnigin, däi Wonsch soll an Erfëllung goen, quaak, quaak. Nach éi ee Joer eriwer ass, solls du ee klengt Meedchen op d'Welt setzen, quaak,quaak.

Rampen aus Dimmer aus, Spoten aus - alles

Erzieler: Daat, waat de Fräsch gesoot haat, ass och agetraff. D'Kinnigin kruut, nach éi ee Joer ëm war, ee Puppelchen. Et war ee wonnerschéint Meedchen. De Kinnek war esou frou an esou stolz op säi Kand, datt hiem ee grousst Fest gin huet.

alles un

Zu dësem Fest huet hien net nëmmen seng Famill a seng Frënn agelueden. Mä hien huet och seng Feen aus dem ganzen Kinnekräich agelueden. Sie sollten dem Kand gudd gesënnt sin. Well awer nëmme méi 12 gëllen Telleren doo waren, an et awer 13 Feen waren, huet eng Fee missen doheem bleiwen.

Musek

Erzieler:

D'Fest gouf mat vill Freed an allem, waat derzou gehéiert, gefeiert. Wéi d'Fest eriwer war, koumen all Feen bei d'Wéi, an hun dem Kand hiir beschten Zauberwënsch an d'Wéi geluecht.

LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

Fee 1 Ech schenken diir Schéinheet

2 ee fromme Sènn

3 Senn fir Grechtegkeet

4 Gleck

5 Zefriddenheet

6 eng staark Gesondheet

7 en harmonescht Liewen

8 Eng grouss Intelligenz

9 Räichtum

10 Gescheklechkeet

11 vill Courage

13 Du solls dech mat 15 Joer un enger Spendel picken an dout emfaalen

12 Daat ass keen Dout, mä een loojähregen déiwe Schloof

Musek + Alles aus

Erzieler: De Kinnek huet de Befehl erausgin, datt all Spannrieder am ganze Kinnekräich sollte verbrannt ginn.

Musek

Erzieler: All déi Prophezeiungen, déi d'Feen dem Kand an d'Wéi geluecht haaten, gongen an Erfëllung. D'Prinzessin war ee schéint, léift a fläissegt Meedchen, an huet sengen Elteren vill Freed gemaach.

Alles un { Enges Daachs, - d'Prinzessin haat grad 15 Joer, - du gonge seng Elteren fort, an hun d'Prinzessin eleng am Schlass gelooss.

Prinzessin: (sengt ee Lidd)

Sou, elo hun ech genuch gespillt a gesongen. Ech gin rem zreck an d'Schlass.. mä meng Elteren si jo net doo.... Oh, ech weess, waat ech da maachen, ech kucke mir mol all Z emmeren am Schlass un, oh jo, daat ass schéin.

Musek — Spoten hallef, Dimmer hallef, ~~[illegible]~~ [illegible] Tulen aus, (waiss Romp) )

Oh, hei ass jo een Turm, deen ech nach nii gesinn hun, Soll ech des Traapen eropklammen? Ech hun Angscht, mä ech wëll awer zefill gär wessen, waat hei am Turm ass.

Alles aus + Spannrad + Spoten hallef ~~blo~~ [illegible]-Rampe

ooh! Hei ass eng Diir mat engem raschtege Schlass. Lo sin ech awer richteg gespaant, waat hanner där Diir soll sin.

erféiert: oh, bonjour, kleng Mimmchen

Fee 13: Komm nëmmen eran, komm roueg méi noo, mäi Kand. Hihihi...
Du brauchs keng Angscht ze hun, komm roueg méi noo! Hihihi..

Prinzes in: Waat ass daat, waat do sou hin an hir sprengt?
Hei, daat doo mengen ech. Aua... oh, waat ass elo geschitt?
waat gin ech op eemol esou midd, esou midd, esou midd...

Fee 13 Jo, schloof mäi Kand, schloof nemme roueg, mäi Kand hihihi...

Alles aus

Erzieler: Och déi Prophezeiung vun der ~~béiser~~ Fee ass an Erfëllung gang. Alles ass esou geschitt, wéi d'Fee gesoot haat. D'Prinzessin ass an een loojähregen Schloof gefall, a mat hiir och all Leit, déi am Schlass waren.

De Kinnek an d'Kinnigin, déi grad heem komm sin, d'Dinger sin entschloof, D'Méken sin un der Mauer hänke bliwen a sin entschloof, den Hond huet sech geluecht an ass entschloof. D'Feier am Kamäin huet ëmmer manner geflackert, an ass aus gaangen. De Kach, dee sengem Gesell eng op de B aak wollt gin, well hien dee gudde Broot ubrenne gelooss haat, ass och entschloof

Alles un

Kach: Du Borscht, kanns du net oppassen? Wou hues nachwell deng Gedanken? Ma waard!...

Alles aus

(Sie entschloofen allen zwee)

Musek

Erzieler: De Wand ronderem d'Schlass huet sech geluecht, sou datt kee Blaat méi op de Beem gewackelt huet.

Dimmer + Dhoren + Rampen un

Awer eng grouss Därenheck ass ronderem d'Schlass gewuess. Vu Joer zu Joer ass di Heck méi héich gin. Sie war schons esou héich, datt een op eemol de Fendel um Schlasstuurm net méi gesin huet.

Musek

Erzieler: Eng Soo ass vun där schéiner Prinzessin entstaanen. Vill Prènzen si komm a wollten an d'Schlass eran, fir déi schéin Prinzessin ze befreien. Awer kengem vun hinnen ass et bis elo gelongen. Et ass nach keen durch d'Därenheck komm.

un

Dunn ass ee jonke Prënz an d'Land komm. Hien huet en aale Mann héieren vun der schéiner Prinzessin erzielen.

Aale Mann: Schons mäi Grousspapp huet mir vun desem schéinen Dornröschen erzielt. Daat Schlass, wou et elo scho baal loo Joer an engem déiwe Schloof läit, ass vun enger grousser Därenheck emgin. Et ass nach kengem gelongen durch des Därenheck ze kommen. Vill Prènzen si scho komm, awer si sin all un engem trauregen Dout gestuerwen.

Prenz: Ech hu keng Anscht. Ech wëll daat Schlass fannen. Ech wëll daat schéint Meedche gesin.

Aale Mann: Ech Warnen Iech, mäi Prenz, dir rennt an ärt Ongleck.

Erzieler: Awer de Prënz huet dem Aale Mann seng Warnung net méi héieren. Hien ass fortgelaaf, fiir d'Schlass ze sichen.

Wéi hien der Därenheck méi noo komm ass, ass ee Wonner geschitt.

Prenz: Oh, Waat ass dann elo geschitt? D'Därenheck geet vum sewen auseneen.
Komesch, alles schéngt hei ze schloofen, doo um Troun schloofen de Kinnek an d'Kinnigin.
Oh! Hei läit ee wonnerschéint Meedchen.
Hat ass mir vum éischten Ableck sympatesch.

Dornröschen: Oh! Waat ass mat mir? Wie bass du? Wou sin ech?

Prenz; Dornröschen, du hues 1oo Joer laang geschloof. Elo bass du erëm zum Liewen erwecht.
Dornröschen, wëlls du fir ëmmer bei mir bleiwen?

Musek

Erzieler: Mat dem Dornröschen sin och all di aaner am Schlass erëm erwecht.
De Wand huet erëm ugefaang ze bloosen, d'Villercher hun erëm gesong, den Hond fängt erëm u mat billen, d'Pärd am Stall sin opgestan an hun sech gerëselt.

An de Kach, deem säi Gesell de Broot ubrenne gelooss haat, gët him eng säfteg op de Baak.

(De Kach gët sengem Gesell eng op de Baak)

Gesell: Aua!

Erzieler: Alles am Schlass war erëm erwecht a war op de Been

A gleich drop ass Hochzeit um Schlass gefeiert gin

Musek

R I D O

A6-04

1

LETZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

D O R N R Ö S C H E N

E Märchen vun de Gebrüder Grimm

Musek

Erzieler: Et wor eemol ee Kinnek an eng Kinnigin. Sie hun glecklech an zefridden mateneen geliewt. Nëmmen eng Suerg haaten sie: Sie hun sech ee Kand gewënscht, awer sie konnten keng Kanner kréien.

Musek

Erzieler: Enges Daachs ass d'Kinnigin am Schlasspark spazéiere gaang. Op eemol, wéi sie beim Schlassweier soutz, ass ee Fräsch aus dem Weier gekroch komm a soot:

Fräsch: Quaak, quaak, Kinnigin, däi Wonsch soll an Erfëllung goen, quaak, quaak. Nach éi ee Joer eriwer ass, solls du ee klengt Meedchen op d'Welt setzen, quaak,quaak.

Erzieler: Daat, waat de Fräsch gesoot haat, ass och agetraff. D'Kinnigin kruut, nach éi ee Joer ëm war, ee Puppelchen. Et war ee wonnerschéint Meedchen. De Kinnek war esou frou an esou stolz op säi Kand, datt hien ee grousst Fest gin huet.

Zu dësem Fest huet hien net nëmmen seng Famill a seng Frënn agelueden. Mä hien huet och seng Féen aus dem ganzen Kinnekräich agelueden. Sie sollten dem Kand gudd gesënnt sin. Well awer nëmme méi 12 gëllen Telleren doo waren, an et awer 13 Feen warwen, huet eng Fee missen doheem bleiwen.

Musek

Erzieler:

D'Fest gouf mat vill Freed an allem, waat derzou gehéiert, gefeiert. Wéi d'Fest eriwer war, koumen all Feen bei d'Wéi, an hun dem Kand hiir beschten Zauberwënsch an d'Wéi geluecht.

Fee 1 Ech schenken diir Schéinheet

2 ee fromme Sënn

3 Senn fir Gerechtegkeet

4 Gleck

5 Zefriddenheet

6 eng staark Gesondheet

7 en harmonescht Liewen

8 Eng grouss Intelligenz

9 Räichtum

10 Gescheklechkeet

11 vill Courage

13 Du solls dech mat 15 Joer un enger Spendel picken an dout emfaalen

12 Daat ass keen Dout, mä een loojähregen déiwe Schloof

**Musek**

**Erzieler:** De Kinnek huet de Befehl erausgin, datt all Spannrieder am ganze Kinnekräich sollte verbrannt ginn.

**Musek**

Erzieler: All déi Prophezeiungen, déi d'Feen dem Kand an d'Wéi geluecht haaten, gongen an Erfëllung. D'Prinzessin war ee schéint, léift a fläissegt Meedchen, an huet sengen Elteren vill Freed gemaach.

[illegible]

Enges Daachs, - d'Prinzessin haat grad 15 Joer, - du gonge seng Elteren fort, an hun d'Prinzessin eleng am Schlass gelooss.

Prinzessin: (sengt ee Lidd)

Sou, elo hun ech genuch gespillt a gesongen. Ech gin rem zreck an d'Schlass.. mä meng Elteren si jo net doo.... Oh, ech weess, waat ech da maachen, ech kucke mir mol all Z emmeren am Schlass un, oh jo, daat ass schéin.

**Musek**

Oh, hei ass jo een Turm, deen ech nach nii gesinn hun, Soll ech des Traapen eropklammen? Ech hun Angscht, mä ech wëll awer zefill gär wessen, waat hei am Turm ass.

kuuchten aus [illegible]

ooh! Hei ass eng Diir mat emgem raschtege Schlass. Lo sin ech awer richteg gespaant, waat hanner där Diir soll sin.

erféiert: oh, bonjour, kleng Mimmchen

Fee 13: Komm nëmmen eran, komm roueg méi noo, mäi Kand. Hihihi... Du brauchs keng Angscht ze hun, komm roueg méi noo! Hihihi..

Prinzessin: Waat ass daat, waat do sou hin an hir sprengt?
Hei, daat doo mengen ech. Aua.... oh, waat ass elo geschitt?
waat gin ech op eemol esou midd, esou midd, esou midd...

Fee 13 Jo, schloof mäi Kand, schloof nemme roueg, mäi Kand hihihi...

Erzieler: Och déi Prophezeiung vun der béiser Fee ass an Erfëllung gang. Alles ass esou geschitt, wéi d'Fee gesoot haat. D'Prinzessin ass an een loojähregen Schloof gefall, a mat hiir och all Leit, déi am Schlass waren.

De Kinnek an d'Kinnigin, déi grad heem komm sin, d'Dinger sin entschloof, D'Méken sin un der Mauer hänke bliwen a sin entschloof, den Hond huet sech geluecht an ass entschloof. D'Feier am Kamäin huet ëmmer manner geflackert, an ass aus gaangen. De Kach, dee sengem Gesell eng op de Baak wollt gin, well hien dee gudde Broot ubrenne gelooss haat, ass och entschloof

Kach: Du Borscht, kanns du net oppassen? Wou hues nachwell deng Gedanken? Ma waard!...

(Sie entschloofen allen zwee)

Musek

Erzieler: De Wand ronderem d'Schlass huet sech geluecht, sou datt kee Blaat méi op de Beem gewackelt huet.

Awer eng grouss Därenheck ass ronderem d'Schlass gewuess. Vu Joer zu Joer ass di Heck méi héich gin. Sie war schons esou héich, datt een op eemol de Fendel um Schlasstuurm net méi gesin huet.

Musek

Erzieler: Eng Soo ass vun där schéiner Prinzessin entstaanen.
Vill Prënzen si komm a wollten an d'Schlass eran, fir déi schéin Prinzessin ze befreien. Awer kengem vun hinnen ass et bis elo gelongen. Et ass nach keen durch d'Därenheck komm.

Dunn ass ee jonke Prënz an d'Land komm. Hien huet en aale Mann héieren vun der schéiner Prinzessin erzielen.

Aale Mann: Schons mäi Grousspapp huet mir vun desem schéinen Dornröschen erzielt. Daat Schlass, wou et elo scho baal loo Joer an engem déiwe Schloof läit, ass vun enger grousser Därenheck ëmgin. Et ass nach kengem gelongen durch des Därenheck ze kommen. Vill Prënzen si scho komm, awer si sin all un engem trauregen Dout gestuerwen.

Prenz: Ech hu keng Anscht. Ech wëll daat Schlass fannen. Ech wëll daat schéint Meedche gesin.

Aale Mann: Ech Warnen Iech, mäi Prenz, dir rennt an ärt Ongleck.

Erzieler: Awer de Prënz huet dem Aale Mann seng Warnung net méi héieren. Hien ass fortgelaaf, fiir d'Schlass ze sichen.

Wéi hien der Därenheck méi noo komm ass, ass ee Wonner geschitt.

Prenz: Oh, Waat ass dann elo geschitt? D'Därenheck geet vum sewen auseneen.
Komesch, alles schéngt hei ze schloofen, doo um Troun schloofen de Kinnek an d'Kinnigin.
Oh! Hei läit ee wonnerschéint Meedchen.
Hat ass mir vum éischten Ableck sympatesch.

Dornröschen: Oh! Waat ass mat mir? Wie bass du? Wou sin ech?

Prenz; Dornröschen, du hues loo Joer laang geschloof. Elo bass du erem zum Liewen erwecht.
Dornröschen, wëlls du fir emmer bei mir bleiwen?

**Musek**

Erzieler: Mat dem Dornröschen sin och all di aaner am Schlass erëm erwecht.
De Wand huet erëm ugefaang ze bloosen, d'Villercher hun erëm gesong, den Hond fängt erëm u mat billen, d'Pärd am Stall sin opgestan an hun sech gerëselt.

An de Kach, deem säi Gesell de Broot ubrenne gelooss haat, get him eng säfteg op de Baak.

(De Kach gët sengem Gesell eng op de Baak)

Gesell: Aua!

Erzieler: Alles am Schlass war erëm erwecht a war op de Been

A gleich drop ass Hochzeit um Schlass gefeiert gin

**Musek**

R I D O